LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 13 JAN. 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 16:06, 13/01/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°3268 du 9 décembre 2020 de l'honorable député Monsieur Marc Goergen, concernant le pôle d'échange à Moutfort, avec la prière de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op déi parlamentaresch Fro n°3268 vum 9. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen zum Sujet vun engem Pôle d'Echange zu Mutfert

An den urspréngleche Studie war virgesinn, datt de Pôle d'Echange laanscht d'Nationalstrooss N2 zu Mutfert, dem Bus-Passagéier d'Ëmsteigen op de verschiddene Bus-Linnen tëschent Réimech an der Stad Lëtzebuerg sollt erméiglechen.

Doduerch wär et méiglech gewiescht fir vu Linnen déi op de Kierchbierg fueren op Linnen ëmzeklammen déi op d'Gare oder an de Süde vun der Stad gefuer wieren an och ëmgedréint. Déi Buslinne wieren dofir zu Mutfert an déi geplangte Busgare eragefuer an hätten do openee gewaart fir d'Ëmklammen tëschent deenen zwou Linnen ze erméiglechen. Well fir déi Busgare awer keng Iwwerhuelméiglechkeet ageplangt war, hätt d'Ëmklammen ëmmer nëmmen tëschent zwee Busse gemaach kënne ginn.

Duerch d'Reform vum RGTR huet sech de Busreseau am Raum Mutfert am Sënn vum Busbenotzer verbessert. Dat bréngt aner Ufuerderungen un den Ëmsteigepunkt zu Mutfert mat sech. An deem Sënn ass de Projet am Gaang, ëmgeplangt ze ginn.

- Esou ginn am neie Reseau och d'Zoninge vu Mënsbech a Sandweiler-Conter vu Mutfert aus erschloss.
- Insgesamt klëmmt d'Zuel u reguläre Faarten, ouni d'Schoulfaarten, vu 6 Faarte Richtung Kierchbierg an der Spëtzestonn ob 10 Faarten.
- Ausserdeem ginn et nei Verbindunge Richtung Gare (2 Faarte pro Stonn) an Houwald (4 Faarte pro Stonn).
- Iwwert d'N2 fueren elo och d'Expresslinne 401 (vu Losheim am See), 403 (vu Merzig) a 406 (vu Réimech) an d'Stad. Wéi den Numm et seet, kennen Expresslinnen net ënnerwee an engem Pôle d'Echange waarden.